N°6179
Reçue le 20.05.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Äntwert vun der Madamm Gesondheetsministesch op d'parlamentaresch Fro n° 6179 vum 11. Mee 2022 vum honorabelen Deputéierten här Jeff Engelen.

Zu Lëtzebuerg besteet weiderhin d'Méiglechkeet mat enger Injektioun vum Janssen Impfstoff eng komplett Impfung ze kréien. Dëst ass bis op weideres konform mat der „autorisation de mise sur le marché » vun der Europäescher Medikamentenagence EMA.

Den Impfpass ass europawäit standardiséiert a renseignéiert iwwert d'Impfungen déi d'Persoun kritt huet. Wéi dësen Impfpass dann an all Land interpretéiert gëtt, d.h. op als valid oder net valid ugesi gëtt, hänkt dann vun all Land of. Konkret heescht dat dass een sech punkto Impfung ëmmer un d'Konditiounen vum jeeweilegen Land upasse muss, a gegebenefalls eng zousätzlech Impfung maache muss.

Lëtzebuerg, den 20.05.2022

D'Gesondheetsministesch

(s.) Paulette Lenert